ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 24. Januar 2019

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, des parlamentaresch Fro un den Här Justizminister an un d'Madame Banneminister weiderzeleeden.

Bei de leschte Chamberswahle vum Oktober 2018 ass opgefall, dass d'Detenuen aus dem Prisong net mat wiele konnten. Eng ganz Rëtsch vun hinnen haten hier Convocatioun esouguer an de Prisong geschéckt kritt, mee et war näischt virgesinn, datt si am Prisong hätte kënne wielen an et war och keen Transport virgesinn, fir si an ee Wahlbüro ze bréngen. Déi betraffe Léit haten och, esou wéi mir dat zougedroe gouf, keng Méiglechkeet, fir ee vote par correspondance unzefroen.

Bei den Europawale vum 26. Mee 2019 riskéiert dee selwechte Problem sech ze stellen, mee des Kéier an enger méi grousser Envergure, well d'Zuel vun deene potentielle Wieler jo méi grouss ass.

An deem Kontext wollt ech dem Här Justizminister an der Madame Banneminister dës Froe stellen:

1. Hunn déi zoustänneg Ministèrë scho Mesurë geholl fir deene betraffenen Detenuen ze erlaben, bei de kommenden Europawalen ze wielen?
2. Wa jo, wei eng Mesurë sinn dat? Ass ee Wahllokal am Prisong virgesinn, respektiv, en Transport vun deene concernéierte Persounen an ee Walbüro an der Géigend?
3. Wéi vill vun den Detenuë si fir d'Chamberwalen, respektiv, d'Europawale walberechtegt?

Fernand Kartheiser
Deputéierten

ADR – Groupe parlementaire **22, rue de l'Eau L-1449 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742 / Fax 463745**
ADR – Parti politique